Le caractère urgent de la question a été reconnu (05.02.2021)

n° 3583

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 4. Februar 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch, weiderzeleeden.

A senger Pressekonferenz vum 4. Februar 2021 huet de Minister ugekënnegt, datt d'Grondschoulen vum Méindeg, 8. Februar, un nees op den Distanzunterrecht iwwerginn. Als Ursaach fir seng Decisioun huet hien eng onerwaarten a rasant Croissance vum Covid-19-Virus besonnesch bei de Kanner, Jugendlechen a jonken Erwuessenen – vun null bis 19 Joer – genannt.

Virum Hannergrond vun dëser Evolutioun wéilt ech folgend Froen un d'Regierung stellen :

- Wéi eng Mesuren huet den Educatiounsministère en Place gesat, fir ze garantéieren, dass all Kand Accès zum Distanzunterrecht huet ?
- Wat sinn d'Consignen vum Ministère un de Corps enseignant, déi garantéieren, dass all Kand déi selwecht Qualitéit a Quantitéit vun Distanzunterrecht kritt ?
- Wéi gëtt séchergestallt, dass all Kand déi noutwendeg technesch Ausrüstung (Internetaccès, Hardware a Software) zur Hand huet, fir den Distanzunterrecht ze suivéieren an aktiv drun deelzehuelen ?
- A wéi engem Mooss huet de repetitiven Iwwergang vum Präsenz- zum Distanzunterrecht Repercussiounen op d'Orientéierungsprozedur fir d'Schüler vum Cycle 4.2 ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Députéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3583 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Schonns virun der Rentrée am Hierscht goufen d'Enseignanten opgefuerdert, en Teams-Grupp fir hir Klass en place ze setzen, fir am Fall vun enger Quarantaine vun der Klass, en Enseignement à distance ze assuréieren a mat de Kanner reegelméisseg ze widderhuelen, wéi domat geschafft ka ginn.

Des Weidere goufen zanter dem Ufank vum Schouljoer d'Hygiènes- an d'Preventiounsmesuren, déi an de Schoulen ëmgesat ginn, reegelméisseg evaluéiert an och adaptéiert, fir esou efficace der Verbreedung vum COVID-19 entgéintzewierken. Deemno konnten sech d'Enseignanten op d'Eventualitéit vun enger weiderer Phas vun Distanzunterrecht virbereeden, no der éischter Woch vun dësem Trimester am Distanzunterrecht, fir esou kuerzfristeg op d'Annonce vun dëser Mesure kënnen ze reagéieren.

Vu datt déi pedagogesch Equippen d'Schüler elo scho bal mindestens ee Semester laang encadréieren, anerer schonns am 2. Joer vum Cycle suivéieren, kënne si genee aschätzen, wéi den Enseignement à distance fir déi eenzel Schüler organiséiert ka ginn. D'Enseignanten evaluéieren och am Kader vum regulären Unterrecht permanent de Schüler hir Fortschrëtter, fir esou gegebenefalls d'Léiersequenzen unzepassen an de Schüler hirem Léierrhythmus beschtméiglechst Rechnung ze droen. Och wärend dem Distanzunterrecht wäerten d'Enseignanten d'Besoine vun den eenzelne Schüler an d'Plange vun den eenzelnen Aktivitéite mat abezéien, fir iwwert dëse Wee differenzéiert Léiersequenzen unzebidden an esou een optimalen Developpement vun de Schüler hire Kompetenzen ze assuréieren.

Och mat den Elteren hunn d'Enseignanten ee reegelméissege Kontakt a si kënnen deemno genee aschätzen, wéi eng Aktivitéiten sech wärend dem Enseignement à distance fir déi jeeweileg Schüler ëmsetze loossen. An deem Kontext konnten an der Vergaangenheet schonn Erfarungswäerter gesammelt ginn an no de jeeweilege Phase vum Distanzunterrecht konnten sech déi eenzel Acteuren austauschen a gegebenefalls méiglech Alternativen zu den ugebuedene Léiersequenze mat Hibléck op eng weider Period vun der Suspensioun vum Presenzunterrecht ausschaffen.

Am Kader vun der Ukënnegung vum Enseignement à distance sinn d'Enseignantë via Circulaire informéiert ginn, datt si sécher musse stellen, datt all Kand dat néidegt didaktescht Material am Virfeld vun der Woch, wärend där den Enseignement à distance ugebuede gëtt, mat heemhëlt. An deem Kontext gouf vu Säite vu mengem Ministere dorop higewisen, datt wärend der Preparatioun vun den Aktivitéiten de Léierrhythmus vun de Schüler misst mat consideréiert ginn, fir sécherzestellen, datt all Kand senge Kapazitéiten entspriechend encadréiert gëtt. Gläichzäiteg ënnerläit et den Enseignanten, zesumme mat den Elteren, dee fir all eenzelnen Acteur passende Kommunikatiounswee ze definéieren, deen et hinnen erlaabt, e stännege Kontakt mat de Schüler ze halen.

An exzeptionelle Fäll kënnen d'Enseignanten och, am Respekt vun de sanitäre Recommandatiounen, eenzel Schüler an de Gebailechkeete vun der Schoul empfänken, fir hinnen hei zousätzlech Erklärungen zu den Aufgaben ze ginn, déi wärend der Suspensioun vun de Presenzcoursë mussen ëmgesat ginn, respektiv punktuell Aktivitéiten ëmzesetzen, fir op déi spezifesch Besoine vun de Schüler anzegoen.

Schüler, déi net iwwert dat néidegt technescht Material verfügen, respektiv hir Elteren, kënnen sech, no Récksprooch mam Titulaire de classe an am Hibléck op déi geplangte Léiersequenzen, bei Bedarf un déi zoustänneg Regionaldirektioun wenden. Wärend deene leschte Phase vun der Suspension vun de Presenzcoursen, respektiv wärend enger Quarantaine, kruten d'Schüler op Ufro Material vum

Centre de gestion informatique de l'éducation (CGIE) oder de Gemengen zur Verfügung gestallt, fir um Enseignement à distance kënnen deelzehuelen.

Nieft den Aktivitéiten, déi vum Titulaire de classe an Zesummenaarbecht mat der pedagogescher Equipe ëmgesat ginn, fannen d'Elteren, d'Schüler an d'Enseignanten zousätzlech eng vaste Offer vun didakteschem Material um Internetsite www.enseignement-fondamental.lu. Vum 9. Februar 2021 u proposéiert de Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) an deem nämmlechte Kontext ee Livestream fir d'Schüler aus dem Enseignement fondamental, deen dës Schüler ergänzend zu den Aktivitéite vun der pedagogescher Equipe op ënnerschiddleche Supporte kënne consultéieren.

Wärend dem Enseignement à distance sinn d'Membere vun der pedagogescher Equipe déi éischt Uspriechpartner fir d'Schüler an d'Elteren. Alternativ heizou hunn d'Schüler an d'Eltere bei eventuelle Schwieregkeeten d'Méiglechkeet, d'Helpline vu mengem Ministère (8002-9090) ze kontaktéieren, déi hinne fir Rotschléi a pedagogesch Hëllef zur Verfügung steet. Weiderhi bleift och d'Helpline vum Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS) a vum Office national de l'enfance (ONE) (8002-9393) operationell an assuréiert een zousätzleche psychologesche Support.

Am Kader vum Enseignement à distance ginn d'Schüler weiderhin differenzéiert en charge geholl. Esou kann en Enseignement de qualité fir all d'Cyclen assuréiert ginn, wouduerch keng Repercussiounen op d'Orientéierungsprozedur ze erwaarde sinn. An der Period zwëschen der Chrëschtvakanz an Ufank Mäerz ass am Kader vun der Orientatiounsprozedur eenzeg d'Interventioun vum Psycholog virgesinn, virausgesat, d'Elteren hu fir dës Prozedur optéiert. Vun den 360 Klassen, an deenen esou eng Interventioun stattfënnt, sinn der just dräi, an deenen déi psychologesch Tester nach musse realiséiert ginn an dës Tester fannen no der Fuesvakanz statt. Zousätzlech gi véier Datumen iwwer d'Land verdeelt ugebueden, wou déi 10 Kanner, déi bei dem Passage an der Klass krank waren oder a Quarantaine waren, dës Tester kënnen nomaachen.

Am weidere Verlaf vum Planning vun der Orientatiounsprozedur ass d'Ëmsetzung vun den Épreuves communes fir Mëtt Mäerz virgesinn an an dësem Kontext sinn zum aktuellen Zäitpunkt keng Changementer virgesinn. D'Erfarungswäerter vum leschte Schouljoer weisen, datt d'Orientatioun sech och ouni d'Resultater vun de Schüler an den Épreuves communes, déi just een Element duerstellen, op Basis vun der Dokumentatioun vun de formativen Evaluatiounsmomenter an der Klass an de Produktiounen, déi d'Schüler wärend dem ganze Cycle 4 realiséiert hunn, esou wéi den Informatiounen, déi vum Psycholog gesammelt goufen, ëmsetze léisst.